# Mir, d’CSV.

D'CSV, dat si mir All. Iwwer 10.000 Memberen. Jidder eenzele vun eis. Zesummen.

Zesummen, si mir eng Memberpartei. Bei eis, sti mir am Mëttelpunkt. Ob Jonk oder Al. Fra oder Mann.

Zesummen, si mir eng Vollekspartei. Bei eis, huet all Bierger, deen hei wunnt, eng Plaz. Ob Lëtzebuerger oder net.  Ob Patron oder Salarié.

Zesummen, sti mir mëtten an der Gesellschaft. Aus hir eraus maache mir Politik. Fir d'Land. Fir Europa.

Zesummen, sti mir op zoliddem Buedem. Op eise Strukturen. Eise Wäerter: Allgemengwuel, Personalimus, Subsidaritéit, Solidaritéit.

Dës Wäerter bréngen mir ëmmer ërem mat den Defieë vun der Zäit an d'Gläichgewiicht. Un hinnen orientéiere mir eis. Mir liewe si selwer. Dobaussen an an der Partei.

Dat bedeit, datt mir matmaachen, matschwätzen, matentscheeden.

Well mir all, sinn d’CSV.



Serge Wilmes

## Em wat et geet.

Fir ze garantéieren, datt mir an der CSV all als Memberen :

- matmaachen
- matschwätzen
- matentscheeden

kënnen, ass et wichteg, datt mir zesummen, am Dialog matenee kucken, wat an eise Strukturen, eiser Manéier fir ze fonktionnéieren, eiser Politik, weiderentwéckelt a wat nei dobäi komme soll.

Bei dësem Prozess gi mir All gebraucht. E muss vun ënnen no uewe gedroe ginn. A vun uewen no ënne begleed, moderéiert a gefouert ginn.

Fir dee Prozess konkret an effikass ze féieren, soll iwwert déi nächst 2 Joer eng Equipe (task-force) an d'Liewe geruff ginn a schaffen. Déi Equipe kéint sech zesummesëtzen aus Vertrieder vun de Beziirker, den Ënnerorganisatiounen, der Fraktioun.

Niewend der Parteibasis sollen och eis Frënn vun de chrëschtlech-sozialen Organisatiounen/Mouvementer a Vertrieder vun der Zivilgesellschaft konsultéiert an agebonne ginn.

Geleed a moderéiert géif déi Equipe vum Parteipresident, de Vize-Presidenten, dem Generalsekretär a sengen Adjointen.

<u>Méiglechen Zäitplang</u>

2014 : Nom Nationalkongress → Equipe (Task-force,) déi ufänkt mat de Memberen iwwert d'Organisatioun, d'Politik an d'Defieë vun der Partei, ze diskutéieren.

Doniewend freet déi Equipe och d'Meenung vun der « Famill » vun chrëschtlech-sozialer Famill » a vu Vertrieder vun der Zivilgesellschaft.

2015 : Wanter/Fréijoer → Parteikongress, wou déi éischt Iwwerleeonge virgestallt an diskutéiert ginn. Duerno gi spezifesch Aarbechtsgruppen agesat fir konkret Projeten a Mesure virzebereeden.

2015 : Summer/Hierscht → ausseruerdentleche Parteikongress, wou déi definitiv Mesuren/Projeten ugeholl ginn an eventuell d'Statuten ugepasst ginn.

2016 : Aktiounsplang fir d'Gemengewahlen

2017 : Kampagne/Gemengewahlen an Aktiounsplang fir d'Landeswahlen

## Virschléi, fir den Diskussiounsprozess.

### Mir maache mat : matschaffen, matiwwerleeën, matorganiséieren.

Mir maache mat. Jidderee vun eis. Ob nolauschteren, eng Hand mat upaken oder mat diskutéieren an entscheeden. Fir dat ze garantéieren ass et wichteg, datt déi Equipe (task-force) an den nächsten zwee Joer:

- zesumme mat deene verschiddene Strukturen/Gremie vun der Partei schwätzt a kuckt, wéi hir Manéier fir ze fonktionnéieren un d'Realitéit vun haut kann ugepasst ginn. Dat Ganzt am Respekt an an der Stäerkung vum Prinzip vun der Subsidaritéit.

  D'Sektiounen: als éischte Kontakt an Entrée fir eis Memberen ass et wichteg, datt d'Sektioune méi matagebonnen a méi mat hinnen dialogéiert gëtt.
  **Z.B. kéint jidder Member vum Nationalcomité a jidder Deputéierten, mat e puer Sektiounen aus hirem Beziirk zesummeschaffen, hinnen Informatioune ginn an Informatioune mathuelen (aus deene kéinten dann eventuell Communiquéën, QP'en, Debatten oder esouguer Propositions de lois gemaach ginn).**

  D'Beziirker: hei soll d'Koordinatioun vun der Sektiounsaarbecht gemaacht an Informatiounen ausgetosch ginn.
  **Wéi kann dat nach méi effikass gemaach ginn? D'Beziirker kéinten och nach méi wéi bis elo de Sektioune bei hiren Aktivitéite logistesch an organisatiresch hëllefen. D'Beziirker sollen och weider selwer aktiv sinn an z.B. méi Konferenzen (intern an extern) iwwer politesch Dossiere maachen.**

  D'Ënnerorganisatiounen: als Partner zesummen iwwert hirt Fonktionnement, hir Iddiën an Erwaardungen diskutéiere fir ze definéiere wéi si hir spezifesch Missiounen nach besser erfëllen an ëmsetze kënnen. Sech mat hinnen obligatoresch a regelméisseg austauschen.
  **Z.b wat soll der CSV-International hir wirklech Missioun sinn (de Statut vun enger Ennerorganisatioun mol kréien, dofir suergen datt Net-Lëtzebuerger a Lëtzebuerger zesummen an der CSV-International vertruede sinn)? Wéi eng vun der CSJ hiren Iddiën kënne konkret ëmgesat ginn? Wéi kënnen d'Fraen an d'Seniore besser matagebonne ginn? Wéi eng Roll soll d'CSG an der Partei iwwerhuelen (zumools wa bis Mandatertrennung do ass, hei kéint d'Koordinatiounsplaz a d'Léierbudd vun der Gemengepolitik an der Partei sinn)?**

  Nationalcomité: d'Missioun an d'Kompositioun vum Nationalcomité op de Leescht huelen an eventuell upassen.
  **Den Nationalcomité ass wéi een « Newsdesk » an enger Zäitungredaktioun : hei kommen d'Informatiounen eran, gi verschafft an nees nobannen an d'Partei respektiv nobausse gedroen. Wéi kann dat nach besser gemaach, assuréiert ginn ? Wie soll niewend de gewielte Memberen nach an de Comité vun der CSV kooptéiert ginn ? Membere vun der « chrëschtlech-sozialer Famill » ?**

  CSV-Exekutiv: d'Aufgabe vun de Membere vun der Exekutiv iwwerschaffen an upassen.
  **Z.b. aus de Vize-Presidente méi maache wéi just d'Vertrieder vum President. Esou kéint ee Vize-President responsabel fir den Dialog an d'Koordinatioun mat den Ënnerorganisatiounen an de Beziirker sinn. Deen anere kéint responsabel fir d'Relatioune mat der Zivilgesellschaft a fir déi international Relatioune sinn. Dat Selwecht zielt fir**

**d'Adjointë vum Generalsekretär. Och si solle präzis Missioune kréien (z.b. sech ëm d'Formatioune këmmeren). Wichteg ass och, datt d'CSV-Exekutiv sech regelméisseg mat den Ënnerorganisatiounen a Beziirker gesäit an och bei de Sektioune präsent ass.**

Nationalkongress an Nationalrot: an Zukunft wäer et gutt, wann et zwou Zorte vu Kongresser géif ginn.
**Politesch/atmosphäresch Kongresser an Themekongresser. Op deenen éischten géifen d'Delegéierte weider d'Aarbecht vum Nationalcomité kontrolléieren, adoptéieren an déi grouss politesch Ligne festleeën an offiziell unhuelen. Op deenen aneren Kongresser sollt ALL Member, dee wëllt, kënne matmaachen a matschwätzen. Dat iwwer spezifesch politesch Froen an Dossieren (z.B. iwwert d'Rapporten, Konklusiounen a Recommandatioune vun den Themegruppen). D'Decisiounen iwwer Positioune géife weider vum Nationalkongress respektiv dem Nationalrot geholl ginn. Béid Forme vu Kongresser kënne getrennt oder zesummen op engem Dag organiséiert ginn.**

- zesumme mam Generalsekretariat an der Fraktioun kuckt, wéi Themegruppe kënnen effikass fonktionnéieren.
  **Esou misst et fir all parlamentaresch Kommissioun och een Themegrupp an der Partei ginn. Dëse wäer op fir jidder Member dee sech dofir interesséiert. Co-Responsabel wäeren (als Tandem) den Deputéierten dee Porte-parole an deem Sujet an der Chamber ass an ee Member aus der Partei. D'Themegruppen géife Positioune vun der Partei an der Regierung diskutéieren (och online) an eventuell Ännerunge respektiv Alternative virschloen. Déi kéinten dann op engem Kongress diskutéiert an ugeholl ginn. D'Aarbechtsgruppe géife sech och mat Acteuren aus der Zivilgesellschaft austauschen.**

- d'Offer vun der CSV-Akademie konsequent ausbaut.
  **Ziel sollt et sinn, entweder iwwer eng ganz parlamentaresch Legislature (5 Joer) oder iwwert d'Mandat vum Nationalcomité (3 Joer), Formatiounszyklen unzebidde mat op der enger Säit Basiswëssen, Fachwëssen an op der anerer Säit déi praktesch Ëmsëtzung dovunner, sief et a Form vu Rieden, Publikatiounen (nei a klassesch Kommunikatioun). Och kéint aus der CSV-Akademie eng Asbl respektiv eng Fondatioun gemaach ginn, fir si organisatoresch op eege Féiss ze sëtzen, als Partei hir Déngschter kënnen ze notzen an mat auslänneschen Fondatiounen kënnen zesummen ze schaffen.**

- de Mentoringsprogramm iwwerschafft an nees mat Liewe fëllt.
  **Membere, déi sech gäere méi engagéiere wëllen, solle sech kënnen op Politiker aus der Partei, déi eng gewëssen Erfahrung hunn, stäipen. Hei kënnen aktuell a fréier Mandatairen a Fro kommen.**

- kuckt fir kuerz virun der politescher Rentrée eng Summeruniversitéit ze organiséieren.
  **Ee Weekend laang géifen et Aktivitéiten (Debatt, Konferenz, Formatioun) ronderëm ee politesche Sujet ginn. Dat Ganzt an enger méi gemittlecher Atmosphär (z.B. mam Familljefest verbannen).**

- zesumme mat der Fraktioun kuckt, fir d'politesch Rentrée vun der CSV-Fraktioun ze iwwerschaffen an aus hir nees een Héichpunkt vum Joer ze maachen.
  **Ee ganzen Dag laang sollen d'Deputéierten d'Prioritéiten vum neie parlamentareschem Joer ënnert d'Lupp huelen. Vertrieder vun den Ënnerorganisatioune solle mat dobäi sinn.**

- zesumme mat de Beziirker an de Sektiounen een Inventaire vum Material mécht an dat duerno un d'Besoinen upasst.
  **Z.B. kucken, ob et wéi am Südbeziirk méiglech ass, a jidder Beziirk eng Logistikequipp ze hunn. Een Appell un eis 10.000 Memberen maachen, datt Fräiwëlleger gebraucht ginn. Beim Material ass et wichteg, datt iwwerall dee selwechte Corporate respektéiert gëtt an et**

**liicht ze manipuléieren ass. Eemol am Joer, z.b. um CSV-Familljefest oder op der Neijooschsrezeptioun jidderengem, dee fräiwëlleg eng Hand mat upeekt, Merci soen.**

## Mir schwätze mat : am Dialog, nobannen an nobaussen.

Mir schwätze mat. Iwwer Positiounen, Virschléi, d'Aktualitéit. An de klassesche Strukturen an an neie Formen. Ennert eneen a mat allen Awunner vun eisem Land. Fir dat ze garantéieren ass et wichteg, datt déi Equipe (Task-force) an den nächsten zwee Joer:

- dofir suergt, datt niewend de klassesche Strukturen, déi nei Medien nach méi genotzt ginn.
  **Z.b. andeems d'CSV een Extranet schaaft (wéi d'CSJ dat virschléit) wou et verschidden Diskussiouns-, Informatiouns- an Dokumentiounsforme gëtt. D'Membere solle kënnen online un Dokumenter matschaffen, respektiv sech zu bestëmmte Sujeten austauschen an sech dodriwwer forméieren.**

- um Internetsite vun der Partei ee Membersberäich (Dokumentatiouns- an Informatiounsberäich/archiv) integréiert.
  **D'Membere musse kënne séier, ouni laang Recherchen ze maachen, sech iwwert d'Offere vun der Partei, politesch Positiounen an d'Aktualitéit informéieren (Factsheets, spezifesch politesch Dokumentatioun, parlamentaresch Aarbecht asw). Hei musse Sekretariat a Fraktioun zesummeschaffe fir een internen Dokumentatiounszentrum op d'Been ze stellen, deen dann online fir all Member accessibel ass. An enger éischter Phase mussen net mol selwer Texter geschriwwe ginn, mä soss all méiglech Dokumenter, déi et schon an der Partei (offiziell Publikatiounen, Artikelen, Communiquéën) a soss anzwousch (parlamentaresch Dokumenter) ze sammelen, ze sortéieren an uerdentlech ze archivéieren an ze klasséieren.**

- den Downloadcenter fir d'Sektiounen an d'Beziirker weider ausbaut.
  **Den Downloadcenter vun der Partei soll regelméisseg à jour gesat ginn, fir de Sektiounen, Beziirker an Ënnerorganistioune standardiséiert Dokumenter unzebidden. Dat erlaabt et hinnen Zäit ze spueren a méi einfach Publikatiounen ze maachen.**

- eng Online-Newsletter mécht.
  **Esou eng Online-Newsletter soll un all d'Membere verschéckt ginn an d'Parteiaktualitéit an –aarbecht vun deene leschte Woche résuméieren.**

- den Internetsite vun der Partei ëmmer nees à jour setzt.
  **Iwwerpreiwen op een nach user-friendly ass, op en technesch um neiste Stand ass, op eng gutt strukturéiert an net ze iwwerlueden ass. Kucken, datt op der enger Säit d'Partei an op der anerer Säit d'Fraktioun en valeur gesat gëtt. Besser Vernetzung vun der Partei, den Ënnerorganisatiounen, Mandatären a Memberen hire Facebooksäiten, dem Twitter a Bloggen. Wichteg politesch Messagen a Form vu kuerze Videoen op den Internetsite setzen. Déi wichtegsten Informatiounen um Internetsite och op Franzéisch an Englesch iwwersetzen. Dat gëllt allgemeng fir d'Publikatioune vun der Partei.**

- een neit Konzept/mise en page vum « Profil » an dem « Op de Punkt » ausschafft.
  **Méi kuerz, präzis Artikelen, fir datt kloer formuléiert Message vermëttelt ginn. Der Partei hir Gremien a Leit (Ënnerorganisatiounen, Beziirker a Sektiounen) solle kuerz zu Wuert kommen. D'Publikatioun « Elo » nach just un déi Leit ze schécken, déi keng Mail hunn a soss nëmmen nach online schécken.**

- d'CSV-App weiderentwéckelt.
  **Niewend enger mobiler Versioun vum Internetsite och direkt Informatiounen (Push-messages) verschécken (z.B. Communiquéë vun der Partei, Annonce vu wichtegen Aktivitéiten etc).**

- dofir suergt, datt d'Partei an hir Memberen nach méi an de soziale Medien vertruede sinn.

  **<u>Facebook :</u> déi offiziell Säiten all Dag à jour setzen. Best-Practice a Guidelines ausschaffe fir Facebookaccounte vun de Mandatären an och anere Parteimemberen, respektiv fir d'Sektiounen an d'Ënnerorganisatiounen. Dëst och als Formatiounsoffer ubidden.**

  **<u>Twitter :</u> Best-Practice a Guidelines ausschaffen fir Twitteraccounte vun de Mandatäre mä och aner Parteimemberen, respektiv fir d'Sektiounen an d'Ënnerorganisatiounen. Als Formatiounsoffer ubidden.**

  **<u>Bloggen :</u> den Mandatären a Membere vun der Partei offiziell Bloggen ubidden. Einfach strukturéiert an ze geréieren (Wordpress). Best-Practice a Guidelines ausschaffe fir déi Bloggen. Als Formatiounsoffer ubidden.**

- zesumme mam Sekretariat an der Fraktioun dofir suergt, datt Schratt fir Schratt ee professionnellt Kommunkatiounsdepartement opgebaut gëtt.
  **Dëse soll responsabel fir d'Kommunikatiounsstrategie vun der Partei/Fraktioun, déi intern an extern Kommunikatioun ginn.**

- dofir suergt, datt d'Partei an d'Fraktioun ee moderne Pressesall kréien, wou regelméisseg Pressekonferenze gemaach kënne ginn.
  **An dat net nëmme vum Parteipresident/Fraktiounspresident. Och Mandatären (Deputéierten, Buergermeeschter, Presidenten oder Sekretäre vun den Ënnerorganisatiounen) sollen zu Wuert kommen.**

- d'Sozialsekretariat nees nei lancéiert.
  **Dëst Sekretariat muss eng Zesummenaarbecht tëschent Partei a Fraktioun sinn a fir jiddereen do sinn, ob Member oder net.**

- kuckt fir den Dialog mat der Zivilgesellschaft méi ze formaliséieren.
  **Esou kéint een Dag « Eis CSV. Är CSV. » agefouert ginn, wou an Denkatelieren oder op Konferenzen, zesummen mat der Zivilgesellscht iwwer Sujetë geschwat gëtt , déi d'Partei an d'Gesellschaft concernéieren (z.B. d'Plaz vun de Reliounen an der Gesellschaft).**

- dofir suergt, datt 1-2 mol am Joer een informellt Treffe mat de Medien ass.
  **Generell sollen an Zukunft déi éischt Kontakter mat der Press iwwert d'Kommunikatiounsdepartement goen, dat duerno dann d'Transitioun/den Intermédiaire zu der gefroter Persoun mécht.**

- informell Plattforme fir ze diskutéieren schaft.
  **Z.b. ee Café-Politik/Stammdësch aféieren.**

**Mir entscheede mat : ee Member, eng Stëmm.**

Mir entscheeden. Zesummen awéi eng Richtung d'CSV geet. Zesumme wee vun eis si op deem Wee féiere soll. Ee Member, eng Stëmm. Fir dat ze garantéieren ass et wichteg, datt déi Equipe (Task-force) an den nächsten zwee Joer:

- dofir suergt, datt eis Membere sech nach méi an déi verschidde Comitéë mëlle wou si matentscheede kënnen.

- dofir suergt, datt d'Memberen och Online matentscheede kënnen.
  **Z.B. iwwer provisoresch Positiounen an den Themegruppen.**

- dofir suergt, datt „Member-Befroungen“ (och Online) zu aktuellen politeschen Sujeten, zu Uleieessen déi de Memberen wichteg sinn oder zum Fonktionnement vun der Partei, gemaacht ginn.

- dofir suergt, datt intern Petitiounen oder Member-Initiativen méiglech ginn.
  **Op Initiative vun enger Sektioun oder min. 250 Ennerschrëften muss de Nationalcomité sech mat engem Sujet oder enger politescher Positioun besschäftegen.**

- ee Modell an eng Prozedur ausschafft, fir datt an Zukunft all eis Member iwwert déi grouss politesch Lignen (intern Referenden) an iwwert d'Spëtzepositiounen an der Partei a fir d'Wahlen (Primaries) matentscheede kënnen.
  **Hei soll sech u Beispiller aus dem Ausland orientéiert ginn : z.B. PS, UMP (Frankräich), PD, Südtiroler Volkspartei (Italien), SPD (Däitschland). D'Wahl vun der Parteispëtzt an d'Accordë vu Parteiprogrammer respektiv Koalitiounsprogrammer géife méi basisdemokratesch ginn an doduercher eng nach méi grouss Legitimitéit kréien. Doduercher kéint all Member, en toute connaissance de cause, säi Choix maachen. Wichteg wäer et och, datt an Zukunft Parteipresident a Generalsekretär als Team géife kandidéieren.**

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2014